



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet an vum Här Claude Turmes, Minister vum Amenagement vum territoire op d'parlamentaresch Fro n°6378 vum 21. Juni 2022 vun der honorabeler Députéierter Martine Hansen**

**Ad 1)**

Bedéngt duerch deen aussergewöhnlechen Undrang vun Leit bei den Badegewässer am Norden vum Land huet de Minister Henri Kox mam Buergermeeschter vun Esch Sauer, dem Här Marco Schank, en Samschdeg den 18. Juni perséinlech geschwat fir mat him zesummen den Point ze maachen vun der Situatioun.

Den Dispositiv vun der Police am Kontext mam Stauséi ass iwwert déi lescht Joren zesumme mat alle Verantwortlechen ofgeschwat a fir gutt befonnt ginn. Ënnert deene Verantwortleche sinn och déi lokal Buergermeeschteren, déi gemeess dem Gemengegesetz responsabel fir den Ordre public op hirem Territoire sinn.

**Ad 2)**

D'Sécherheet ass eng gedeelte Responsabilitéit. De Sécherheitsproblem am Fall vum Stauséi kann nëmmen ugaange ginn, wa jiddereen sech senger Verantwortung bewusst ass an se och wouer hellt.

D'Police wäert weiderhin hiren Deel bäidroen. Duerch eng verstärkt Zesummenaarbecht a Concertatioun mat de lokale Responsabele wäert dee gemeinschaftlechen Effort och Friichten droen.

**Ad 3)**

Séit 2021 huet den Naturpark Uewersauer en Ranger agestellt als Ënnerstëtzung fir d'Gemengen an als Uspriechpartner fir Visiteure vun de Plagen. De Ranger gëtt zou 70 % iwwert de Budget vum Departement vun der Landesplanung bezuelt. Seng Aufgab ass et ënnert anerem d'Leit iwwer d'Wichtigkeet vum Stauséi fir eis Drénkwaasserversuergung an iwwer de Naturschutz ze informéieren. Ausserdeem soll hie Leit drop opmierksam maachen, wann se géint Reegele ronderëm de Stauséi verstoussen (z.B. Grillen op net erlaabte Plazen, wëll campéieren, haart Musek, illegal Entsuegung vun Offall etc).

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX